TROUN WIESSEL

**EMBARGO :**

Chaque phrase de ce discours est soumise à embargo, jusqu'à ce qu'elle ait été officiellement prononcée le bourgmestre de la Ville de Luxembourg

## USPROOCH VUN DER MADAMM LYDIE POLFER,

## BUERGERMEESCHTESCH VUN DER STAD LËTZEBUERG

*Hôtel de Ville,  Lëtzebuerg, den 3. Oktober 2025*

Monseigneur, Madame

Et ass fir d'Stad Lëtzebuerg eng ganz grouss Freed an Éier fir Iech hei an der Gemeng um Knuedler, am Häerz vun onser Stad, kennen ze empfänken an dat direkt nodeems Dir als neie Staatschef an der Chamber assermentéiert gi sidd. Dir iwwerhuelt domat des wichteg Missioun vun Ärem Papp dem Grand-Duc Henri, deem seng 25 Joer Règne mir jo hei den 21. Juni gefeiert hunn an him Merci gesot hunn fir onst Land an all deenen Joren mat Dignitéit a Mënschlechkeet, zesummen mat der Grande-Duchesse geféiert ze hunn.

Et ass eng schéin, eng wichteg Missioun op déi Dir gutt virbereet gi sidd vun Ären Elteren.

Mir zielen op Iech fir weiderhin de Symbol vun onser Unitéit, vun onser Stabilitéit an onser Indépendance, no bannen a no baussen ze verkierperen, am Interêt vum Wuel vun de Bierger.

Wëssend em Är Opgeschlossenheet, Äert oppent Ouer fir d'Leit, Är Häerzlechkeet an Är laangjäreg Experienz aus de Wirtschaftsmissiounen an Ären ausgepräägten sozialen Engagement, ass et mir net baang datt Dir dat wäert virbildlech meeschteren.

An Dir sidd op deem Wee jo net eleng. Mat der Groussherzogin Stéphanie un Ärer Säit hutt Dir eng Partnerin där hier mënschlech Sensibilitéit eng grouss Ënnerstëtzung fir Iech an d'Lëtzebuerger Gesellschaft wäert sinn.

A wa mir Biller gesinn vun Ärer Koppel mat Ären zwee Jongen, dem Prënz Charel an dem Prënz François, do gesinn mir Gesichter vun muer: eng Famill déi Wäerter vu Respekt, Verantwortung an Generositéit verkierpert, souwéi Dir dat allen zwee vun Ären Elteren mat op de Wee krut.

Monseigneur, Madame,

Datt Dir haut op deem wichtegen Dag vun Ären Elteren, mee och vun Ärer nooster Famill begleet sidd, ass fir ons een Zeechen vun der enker Verbonnenheet vun der groussherzoglecher Famill mat der Stad Lëtzebuerg, an ech wollt Iech all, Altesses Royales, onsen opriichtegen Merci soen an onsen déiwen Respekt ausdrécken.

Et Monseigneur, vous entrez aujourd'hui dans une ville qui a beaucoup évolué et nous comptons sur vous pour accompagner le développement extraordinaire qu'a connu notre Ville au cours des dernières décennies.

80.268 habitants fin 2000 - nous sommes aujourd'hui plus de 137.041 habitants, c'est-à-dire une augmentation de 70% de la population. Une Ville cosmopolite avec 70% de non-luxembourgeois où la diversité est vécue comme une plus-value.

Aussi je voudrais saluer et dire à Madame la Présidente du Parlement européen et à Monsieur le Président du Conseil européen que vous êtes en terre conquise, dans une ville à l'ADN européen où Robert Schuman, le père de l'Europe est né et a vécu jusqu'à ses 18 ans et c'est dans cette maison qu'a eu lieu la première réunion de la Haute Autorité de la CECA en 1952.

Merci d'être là, vous êtes chez vous ici.

Altesses Royales,

Que vous ayez accepté d'accompagner notre souverain ici à l'Hôtel de Ville est pour nous un grand honneur et c'est surtout le signe de la force des liens familiaux et dynastiques qui vous lient à notre maison souveraine.

Nous nous en réjouissons et nous vous remercions très sincèrement d'être des nôtres aujourd'hui.

Monseigneur, Madame,

Wëllkomm an dëser Stad déi Iech gär huet, déi hannert Iech steet, déi Iech wäert begleeden an zur Säit stoen.

Vive de Grand-Duc,

Vive Grande-Duchesse,

Vive Groussherzoglech Famill an Vive Lëtzebuerg.